


AKTUELLES | ACTUALITÉS

Musikalesch Partnerschaft säit 1989

dat feieren eis zwou Museken zesummen, vum 7. bis de 9. Mee 2022
zu Kehlen/Meckenbeuren um Bodensee



 Et ginn elo méttlerweil bal 33 Joer dass eis zwou Museken fir d'éischt beienee komm sinn.

Leider hate mir 2019 kee gëeegenten Datum fonnt an 2020 an 2021 war et an d'Waasser gefall, wéinst der Corona-Pandemie. Mee dat huele mir elo no an hoffen, dass d'Pandemie eis net nees op de leschte Stëppel e Stréch duerch d'Rechnung mécht, a mir och e flotte Concert kënnen spillen.

Deemools, de 9. Juni 1989, waren eis Kollege vu Kehlen/Bodensee fir d'éischt fir dräi Deeg bei eis hei op Kielen op Besuch komm, dëst bei Geleeënheet vum 110. Gebuertsdag vun eiser Fanfare. D'Begeeschterung op deenen zwou Säite war grouss. Mat Unhang waren si zu bal 100 Leit a mir konnten si alleguer bei Privatleit an eiser Gemeng ënnerbréngen, wouduerch ganz vill Privatfrëndschaften entstane sinn. Si hunn eis deemools iwwerrascht mat hirem Genre vu Musek, engem Showprogramm mat Gesank a Stëmmung - non-stop während e puer Stonnen! - am Zelt virum haitege Musekssall. Dëst war eppes wat mir an där Form bei eis hei am Land vu kenger Musek gewinnt waren. Mee si hunn net just eis Kielener begeeschtert, mee och ganz vill Leit samschdes mueres bei herrlechem Wieder op der Plëss.

Wéi e Vermiechtnes un all „Kehlener“ hunn déi folgend Zeilen an der Ried vum deemolege „Vorstand“ vum Musikverein Kehlen, dem Franz Assfalg sen. geklongen, nieft ei-

sem deemolege President Roby Kieffer, ee vun de Pappen a Motoren vun dëser Initiativ:

„... Zu diesem Fest haben wir Euch ein Geschenk mitgebracht, das von beiden Seiten bemuttert, gepflegt und großgezogen werden soll. Denn dieses Geschenk heißt Freundschaft - echte Freundschaft für Zukunft und Generationen.“

Des musikalesch Partnerschaft sollt dann och den Ustouss ginn fir de Jumelage tëscht deenen zwou Gemengen Kielen (L) a Meckenbeuren (D), deen den 23. Mee 1993 offiziell an d'Liewe geruff ginn ass.

An deene vergaangenen 33 Joer hu mir déi Frëndschaft mat vill Freed gefleegt a reegelméisseg kouw et zum Austausch - net nëmme vun eisen zwee Veräiner, mee och privat ënnert de Musikanten an hire Familjen.

MIR ALLEGUER FREEËN EIS !

Fanfare Kehlen



“Kielen goes Kehlen – 33 Joer Frëndschaft”

7. Mee 2022



Énnert deem Motto hu sech de leschte 7. Mee eng 120 Leit aus eiser Gemeng op de Wee op de Bodensee gemaach, fir do den Anniversaire vun der Partnerschaft vun der Fanfare Kielen mam Musikverein Kehlen ze feiern. 1989 gouf de Grondsteen vun där Frëndschaft geluecht, déi 4 Joer drop zum Jumelage vun den zwou Gemenge Kielen (L) a Meckenbeuren (D) geféiert huet.

Et waren awer nët just Musikantinnen a Musikante vun der Fanfare am Bus; och den Nouspelter Gesang ass matgefuert. An en Deel vum Gemengerot (nieft dem Buergermeeschter Felix Eischen waren dat d'Conseilleren Guy Breden, Larry Bonifas, Lucien Koch a Guy Kohnen).

Éischte Punkt um offizielle Programm war eng Mass samschdes owes, déi den Abbé Denis Wellisch zesumme mam Paschtouer vu Kehlen gehal huet, an déi vun der Chorale vun Nouspelt musikalesch gestalt ginn ass. Mat Gegrills a Gedréns am lokale Pompjee-Bau – engem sougenannte “Kameradschafts-abend” – ass deen éischten Dag op en Enn gaang, natierlech net ouni dass e puer Musikante vun dohannen nach d’Instrumenter ausgepaakt an ë.a. d’Fischerin vom Bodensee” zum Beschte ginn hätten ...

Sonndes war et fir d’éischt eng Bootsfaart um Bodensee - vu Friedrichshafen laanscht d’Insel Mainau op Konstanz an nees zréck – an duerno owes zu Kehlen den offizielle Akt, mat den obligatoresche Rieden an engem Concert vun der Kielener Musek, dee mat

zwee Stecker op en Enn goug, déi zesumme mat Musikantinnen a Musikanten aus der Partner-Musek gespillt gi sinn.

De Méindeg 9. Mee hunn d’Lëtzebuenger eleng verbruecht – eleng mussen verbréngen, well den Europadag an Däitschland (nach kee Feierdag ass. De Nouspelter Grupp (dee suguer nach en Dag méi laang bliwwen ass) huet sech d’Blummeninsel Mainau ugekuckt, déi Kielener waren op Meersburg, ier se sech vun do aus op den Heemwee gemaach hunn. D’Wieder war iwwerengs dee ganze Weekend guer net esou schlecht wéi gefaart. Méindes konnt suguer bei schéinster Sonn op enger Terrass giess ginn. Et sollt ee sech also net zevill vun de Wiederprovisiounen um Handy beandrocke loosson ...

Maurice Molitor

